N°61
Entrée le 30.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Ee Client, deen zu Lëtzebuerg een Abonnement fir Telefon an Internet kafe wëll, huet de Choix tëschent verschiddenen Ubidder a verschiddene Flatraten, déi jeeweils verschidde Servicer beinhalen. Esou existéieren Abonnementer, bei deenen de Konsument kann illimitéiert uruffen, SMSe verschécken an am Internet surfen. Et ginn awer och Flatraten, bei deenen dës Servicer op ee fixe Montant begrenzt sinn, wou et dem Konsument awer fräi iwwerlooss ass, méi Donnéeën ze verbrauchen de Moment, wou hien d'Limitt vu sengem Abo eréecht. Dës Zousazleeschtunge kritt de Client dann um Enn vum Mount verrechent.

Verschidden Telekomsentreprisë bidden hire Clienten an dësem Zesummenhang eng Sperrfunktioun un, déi dofir suergt, dass de Client net méi Uriff maache kann an och keng weider Online-Donnéeë ka verbrauchen, wéi a sengem Kontrakt virgesinn sinn. Dës Spär gi vun de Firmen awer als Service verrechent an deemno muss de Client bezuele wann hie wëll, dass dës automatesch Spär gräift.

Déi deemoleg Regierung hat op meng parlamentaresch Froen n°1662 an n°4842 geäntwert, dass et um *Konsument wier dës Entscheedung ze huelen*.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dës Regierung der Meenung, dass dës Aart vu Spären dem Client käschtefräi missten ugebuede ginn?

2. Wär et net am Sënn vum Client, dass hien der Telekomsentreprise säin explizitten Accord misst ginn, am Fall, wou hien seng Daten iwwerschreit, an hien och an dem Moment iwwert déi méiglech ufalend Käschten direkt informéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten